N°3194
Entrée le 16.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3194 vum 14. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ass d'Ministesch iwwert d'Retarde bei der Veraarbechtung vun de Liewenszertifikater bei der CNAP informéiert?*

D'Pensiounskeess (CNAP) affichéiert keng Retarde bei der Veraarbechtung vun de Liewenszertifikater.

*2. Wat ass den aktuellen duerchschnëttlechen Delai fir d'Veraarbechtung vun esou engem Dokument, dat vun engem Net-Resident agereecht gëtt?*

D'Liewenszertifikater ginn exklusiv u Pensionäre geschéckt, déi am Ausland wunnen an déi net erfaasst gi vun engem elektroneschen Echange vu Liewens- a Stierfdonnéeën deen d'Pensiounskeess mat Däitschland, Frankräich an der Belsch en place gesat huet. Dësen Envoi geschitt ufanks vum Gebuertsmount vum jeeweilege Pensionär. Deen huet dann zwee Méint Zäit fir den Zertifikat validéieren ze loossen an un d'CNAP zréck ze schécken.

Zum Schluss vum drëtte Mount gëtt d'Absence vun engem valide Liewenszertifikat dem zoustännegen Agent vun der CNAP signaléiert, fir datt dëse kann den Dossier vum Pensionär iwwerpréiwen. Wann keng Unzeechen am Dossier sinn, déi op eng nei Adress oder aner Circonstancen schléisse loossen, déi eng Absence vun engem Liewenszertifikat erkläre géifen, sollt den Agent dann zum Schluss vum 4. Mount d'Ausbezuele vun enger Pensioun suspendéiere fir een Trop-payé vu Pensioun ze verhënneren.

D'CNAP verschafft de Liewenszertifikat, am Prinzip, innerhalb der Woch vun der Receptioun, mee ënner Berücksichtigung vun de monatlechen Echéancen. Den Traitement vun dësen Zertifikae leeft iwwert eng getrennten Adress vun der CNAP, eng Boîte postale, fir datt dësen och physesch getrennt vun anere Courriere kann oflafen.

Zesummegefaasst huet den Assuré also bal 4 Méint Zäit fir de Certificat de vie ran ze schécken bevir seng Pensioun suspendéiert gëtt.

*3. Kann d'Ministesch bestätegen, datt déi aktuell Politik vun der CNAP all Noutfalliwwerweisung oder fréizäiteg Deblockéierung vun enger Pensioun verbitt, och wann de Liewenszertifikat agereecht gouf an d'Suspensioun reng administrativ ass?*

*Falls jo, wéi bewäert d'Ministesch dës administrativ Praxis fir déi betraffe Pensionären am Ausland, déi ouni hir finanziell Mëttel do stinn?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet kann dëst net bestätegen. D'CNAP huet am Prinzip, zousätzlech zur monatlecher Liquidatioun, dräi Deeg iwwert de Mount verdeelt, op deenen si Pensiounen oder Arriéragen ka liquidéieren, innerhalb de virgesinne Prozeduren a Kontrolle vum (rëm) ulafe loosse vum Paiement vun enger Pensioun, dem Recalcul, oder aner Eventualitéiten, wéi zum Beispill d'Suspensioun vun der Pensioun.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

D'CNAP ass sech hirer sozialer Verantwortung vis-à-vis vun de Pensionären an der Roll vun der Pensioun als dacks eenzeg Finanzquell bewosst. D'Politik vun der CNAP ass et dofir, derfir ze suergen, datt am Fall vun enger Suspendéierung vun der Pensioun, dës Pensioun schnellstméiglecht rëm ulafe gelooss gëtt, souwuel an der monatlecher Liquidatiounschaîne, wéi och mat engem "Paiement unique" fir den ausgesate Montant.

*4. Wat fir direkt Moossname gedenkt d'Ministesch ze huelen, fir (a) eng méi séier Veraarbechtung vun dëse vitalen Dokumenter an (b) d'Aféiere vun engem Noutfall-Bezuelmechanismus fir déi Fäll, déi an der Rei sinn, ze garantéieren?*

De System, deen d'CNAP en place gesat huet, funktionéiert säit Joren ouni grouss Zwëschefäll. Eenzel Härtefäll si net ausgeschloss a mussen och weiderhin individuell vun den Agenten op der CNAP appreciéiert ginn.

*5. Wéi eng Fortschrëtter goufe gemaach, fir d'Prozedur vum Liewenszertifikat ze vereinfachen oder ze digitaliséieren (zum Beispill iwwer eng Interoperabilitéit mat de Registere vun aneren EU-Länner), fir esou Suspensiounen an Zukunft ze verhënneren?*

D'CNAP huet een Echange vu Liewens- a Stierfdonnéeën mat den Nopeschlänner vu Lëtzebuerg en place. Weider esou Echangë sinn aktuell och virgesi mat Italien a Portugal. Innerhalb vun der EU ginn esou Echangë grad technesch op eng nei Plattform migréiert. Dës Echangë sinn awer net europawäit genormt, mee erlaben een Echange vun Donnéeën tëschent de Pensiounskeesen, jee no der spezifescher Situatioun vun de jeeweilege Länner.

Dës Echange hunn et der CNAP di lescht Joren erlaabt d'Zuel vun de Liewenszertifikater méi wéi ze hallwéieren, vu ronn 89.000 am Joer 2019 op 41.000 am Joer 2024, trotz steigender Zuel vu Pensionären am Ausland, vun 90.330 am Joer 2019 op 118.600 am Joer 2024.

Lëtzebuerg, den 16. Dezember 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez